ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeministesch an un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

D'Betreiung vu Mënschen, déi doheem op eng medezinesch Versuergung ugewise sinn, gëtt de Fleegedéngschter wéi „Hëllef Doheem" duerch de Manktem u fräie Parkplaze besonnesch a gréisseren Uertschafte mat vill Verkéier erschwéiert. Doduerch kommen d'Fleegedéngschter manner séier zu hire Patienten. Op déi Aart a Weis gëtt hir Aarbecht onnéideg beanträchtegt a vill wäertvoll Zäit geet verluer. Déi pünktlech Versuergung vu kranke Mënsche mat oft liewenswichtege Medikamenter gëtt doduerch a Gefor bruecht.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamme Minister:

1) Kann d'Regierung preziséieren, ob et an deene leschte Jore Reklamatioune vu Patiente gouf, déi net pünktlech mat fir si liewenswichtege Medikamenter versuergt konnte ginn, well d'Fleegepersonal ze spéit beim Patient ukomm ass? Goufen et Fäll, déi fir de Patient fatal waren?
2) Goufen op kommunalem oder nationalem Plang Mesurë geholl, fir dëse Problem ze verréngeren? Wa jo: Mat wéi engem Erfolleg goufen déi Mesuren ëmgesat? Wann nee: Ass dru geduecht, wéi dat a verschiddenen auslännesche Stied schonn de Fall ass, fir de Fleegedéngschter speziell Autorisatiounen ze ginn, fir op bestëmmte Plazen ze parken (Behënnerteparkplätz net abegraff), déi fir aner Automobilisten net virgesi sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten